



en“ geschaaft ginn, fir deene Leit, déi en Unisdiplom hunn, et ze erlaben.

Dofir gëtt an dësem Gesetz de Regimm vereinfacht fir d'Commerçanten, dass nach just eng Autorisatioun ausgestallt gëtt ouni Qualifikatiounsnoeweiser.

Da gëtt mat dësem Gesetzestext och nach eng Ännerung am Gesetz iwwert d'Solde gemaach. Mir haten iwwert dat Gesetz eréischt virun engem Joer heibannen ofgestëmmt, déi déi Prozedur och vereinfacht. Awer eis war do eppes net opgefall, an zwar beim Wording, well do steet am Gesetz, dass zum Beispill Amazon oder Ebay, déi Solden affichéieren op hirem Internetsite, well se hire Siège jo hei zu Lëtzebuerg hunn, dat net dierfen. Si misste waarden, bis hei zu Lëtzebuerg d'Solden ausgeruff ginn. Dat ass contraire zu der Direktiv iwwert de Commerce électronique. An dofir stelle mer hei kloer, dass et sech hei op e Commerce bezitt, deen och e physische Buttek hei zu Lëtzebuerg huet.

Da gëtt mat dësem Gesetzestext nach eng Prozedur vereinfacht, an zwar déi iwwert de Regimm vun de Cabareten an de Restaurants, wou et ëm d'Schanklizenz geet. De Ministère de l'Économie soll an Zukunft net méi säin Avis mussen ofginn, well dat eigentlech schonn an engem anere Ministère gemaach gëtt.

Voilà! Da kommen ech nach kuerz zu den Avisen.

D'Chambre de Commerce huet den 22. Januar dëst Joer hiren Avis zu dësem Projet de loi ofginn a begréisst, dass mat dësem Gesetzestext eng Rei administrativ Vereinfachunge fir d'Commerçanten ëmgesat ginn.

D'Chambre des Métiers huet de 6. März hiren Avis zu dësem Projet de loi ofginn a bedauert, dass den „Conseil en“ an den „Conseil économique“ ofgeschaaft ginn a sträicht nach eemol d'Wichtigkeet vun der Reglementatioun fir d'Handwerksberuffer ervir.

An och de Conseil de la concurrence huet en Avis geschriwwen, dat den 3. Abrëll 2018, an deem en de Projet de loi och begréisst.

De Statsrot huet den 8. Mee säin Avis ofginn, an ausser enger Rei Suggestiounen och säi Feu vert fir de Projet de loi ginn. Opgrond vun dëse Suggestiounen huet déi zoustänneg Kommissioun nach eemol eng Lettre d'amendement un de Statsrot geschéckt. An nom Avis complémenteaire vum Statsrot, deen den 12. Juni 2018 komm ass, huet déi zoustänneg Chamberskommissioun de 14. Juni mäi Rapport ugeholl.

Voilà! Dëst gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci. Den Här Léon Gloden.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Merci, Här Président. Merci der Madamm Rapportrice Tess Burton fir dee schrëftlechen a mëndleche Rapport. Mir huelen hei punktuell Ofännerunge vum Droit d'établissement vir. Et ass elo net déi grouss Reform vum Droit d'établissement, déi d'Regierung eng Kéier ugekënnegt hat, mä déi Punkten, déi hei ofgeännert ginn, sinn awer wichteg, well se einfach d'Prozedur vereinfachen.

Ee vun den Haaptpunkten ass déi berüümt Autorisation particulière pour surfaces commerciales supérieures à 400 m², wéi et haut nach am Text steet. Dat war ëmmer ganz grouss Kino. Do huet ee missen Etüde maachen, ekonomesch Etüde mat Zones de chalandise. Do huet ee misse geograresch Etüde maachen an dann huet ee misse kucken opgrond vun dem Règlement grand-ducal vum 24.11.97, wat fir eng Branches d'activité ee kënnt an déi Surface commerciale maachen, well de Corollaire vun dësem Projet de loi ass jo och eng Ofännerung vun deem Règlement grand-ducal.

Alles dat war zimlech opwenneg, käschtespilleng an huet natierlech gedauert. Dat gëtt hei elo einfach ofgeschaaft. An dat ass och gutt esou.

Dann och deen anere Punkt vun de Solden. Et ass och e wichtige Punkt, datt d'Solde sech ebe just op déi physisch Etablissementer hei zu Lëtzebuerg bezéien an net, wann ee Betrib iwwer Internet Artikelen an de Solde verkeeft.

Ech soen, wéi gesot, Merci fir de Rapport. An d'CSV gëtt heimadde seng Zoustëmmung.

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci. D'Madamm Elvinger huet d'Wuert.

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP).- Merci. Ech géif dann och der Rapportrice Merci soe fir deen detailléierte Rapport an ech géif den Accord gi vun der DP-Fraktioun fir dëse Projet de loi.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Ech ginn dervun aus, dass et den Här Anzia ass.

► **M. Gérard Anzia** (déi gréng).- Dee géif och den Accord vun der grénger Fraktioun ginn zu deem exzellente Rapport.

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci. Den Här Reding huet d'Wuert.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Jo, Här Président, endlech eent vun deene rar geséite Gesetzter, déi eng wierklech Simplification administrative bréngen, an zwar net nëmme fir d'Verwaltung, mä och fir de Bierger. D'ADR wäert dëse Projet mat grousser Begeschterung matstëmmen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Här Ekonomiesminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider,** *Ministre de l'Économie.*- Jo, Merci, Här Président. Mir bleift dann och just nach, der Rapportrice Merci ze soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. An dann och „Ende gut, alles gut“, gesinn ech, dass mer jo dann erëm eng Kéier hei eng Unanimitéit am Parlament hunn. Och e Merci dofir.

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci. Ma da géife mer zur Ofstëmmung iwwert den Projet de loi 7228 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7228 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

58-mol Jo, 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet de loi 7228 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par Mme Martine Mergen), Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten) et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Gérard Anzia), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Sam Tanson);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber och bereet, hei d'Dispens ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum Projet de loi 7167 iwwergoen. An d'Rapportrice, d'Madamm Sam Tanson, ass scho prett, fir d'Konventioun vun Istanbul virstellen.

12. 7167 - Projet de loi portant approbation de la Convention du Conseil de l'Europe sur la prévention et la lutte contre la violence à l'égard des femmes et la violence domestique, signée à Istanbul le 11 mai 2011 et modifiant 1) le Code pénal; 2) le Code de procédure pénale; 3) la loi modifiée du 8 septembre 2003 sur la violence domestique; 4) la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Rapport de la Commission juridique

► **Mme Sam Tanson** (déi gréng), *rapportrice.*- Merci, Här Président. Eng Fra op dräi gëtt an hirem Liewen Affer vu physescher oder sexueller Gewalt. Mir sinn zwar nach ëmmer ënnerpresentéiert heibannen, mä et kann een also dovunner ausgoen, datt och heibanne Fraen dovun betraff si respektiv jiddwereen heibannen op d'mannst eng Fra kennt, déi betraff ass. Déi Zuele stamen iwwregens vum UNO World's Women Report. Ob Der awer au courant sidd, datt dës Frae betraff sinn, dat ass eng aner Fro, well manner wéi d'Halschent vun deene Frae sichen Hëllef no esou enger Dot.

Grujelech Zuele ginn et an deem Kontext genuch. D'Fakte sinn eigentlech bekannt, och wa se onbequem sinn. Mir stëmmen haut iwwer en Text of, dee probéiert, deem Problem nach méi entgéintzewierken.

Den 11. Mee 2011 huet Lëtzebuerg d'Konventioun vun Istanbul sur la prévention et la lutte contre la violence à l'égard des femmes et la violence domestique ënnerschriwwen. Et ass dat éischt internationaalt juristescht Instrument an deem Beräich. 45 Staten hunn d'Konventioun ënnerschriwwen, 32 hu se bis ewell ratifizéiert.

D'Konventioun zielt fënnf Ziler op:

1. d'Frae géint all Zort vu Gewalt ze schützen an d'Gewalt géint d'Fraen ze poursuivéieren an ze eliminéieren, genee wéi d'Gewalt am Stot insgesamt;
2. d'Diskriminatioun tëscht Männer a Fraen aus der Welt ze schafen;
3. e globale Kader fir Schutz- an Hëllefsmoossname fir all d'Affer vu Gewalt doheem a Gewalt géint d'Fraen ze schafen;
4. déi international Kooperatioun promouvéieren, fir d'Gewalt géint d'Fraen aus der Welt ze schafen; an
5. déi repressiv Organisatioun a Servicer ënnerstëtzen an hirer Aarbecht fir eng Kooperatioun an integréiert Approche géint d'Gewalt géint d'Fraen a Gewalt doheem.

Lëtzebuerg huet schonn eng sëllege Dispositiounen an dësem Beräich, mir setzen ons awer mat dësem Gesetz a Konformitéit zur Konventioun. De Projet verstärkt ënner anerem nach eemol d'Gesetz vum 8. September 2003 iwwert d'Violence domestique, gesäit eng nei Infraktioun vir an nei extraterritorial Kompetenze fir de Lëtzeburger Riichter.

De Projet besteet aus fënnf Artikelen.

Mam éischte gëtt d'Konventioun approvéiert.

Mam zweete gëtt de Code pénal op zwee Punkten ëmgeännert.

Den Artikel 454 gëtt komplettéiert an et kënnt en neien Artikel 409bis an de Code bäi.

Den Artikel 454 regelt déi strofbar Diskriminatiounen. Hei kënnt d'Notioun „Identité de genre“ bäi, wat et erlaabt, Transgender- an Intersex-Persounen mat anzebeziehen.

Den neien Artikel 409bis féiert eng Infraktioun géint genital Verstümmelung bei de Fraen an, sief et duerch Excisioun, Infibulatioun oder all aner komplett oder partiell Mutilatioun vun der Labia majora, Labia minora oder Klitoris vun enger Fra. Bestrooft ginn hei déi, déi den Akt praktizéieren, mä och déi, déi e facilitéieren oder favoriséieren. All Akt gëtt duerch eng Prisongsstrof vun dräi bis fënnf Joer an eng Amende vu 500 bis 10.000 Euro bestrooft. Et kann ee sech och net hannert dem Avertändnis vun der Fra verstoppen. Et ka keng gesondheetlech, reliéis oder ethnesch Justifikatioun ginn, fir esou en Akt ze rechtfertegen.

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Très juste!

► **Mme Sam Tanson** (déi gréng), *rapportrice.*- Och d'Tentative vun der Mutilatioun gëtt am Projet geméiss dem Artikel 41 vun der Konventioun vun Istanbul bestrooft. Aggravéierend wierkt, wann eng onheelbar Krankheet oder eng permanent Aarbechtsonfäegkeet aus der Mutilatioun entsteet. Da kënne bis zu siwe Joer Prisong a 25.000 Euro Strof fälleg ginn.

Wann d'Dot vun engem Ascendant vun der Fra oder vun enger Pesoun, déi Autoritéit iwwer se huet oder vun hirer Autoritéit abuséiert, déi se duerch hir Fonctiounen huet, oder wann d'Fra stierft duerch d'Mutilatioun, kënne bis zu zéng Joer Prisong an 30.000 Euro Strof gesprach ginn. Dës Strofe kënne bis zu 15 Joer a 25.000 Euro goen, wann d'Infraktioun op engem manerjärege Meedchen oder enger Fra vu besonnescher Vulnerabilitéit begaange gouf respektiv wa se duerch Menacen, Recours à la force oder aner Forme vu Contrainte exekutéiert gouf.

An dëse Fäll kann d'Strofmooss bis op 20 Joer Prisong a 50.000 Euro eropgoen, wann eng onheelbar Krankheet oder eng permanent Aarbechtsonfäegkeet d'Resultat vun der Dot ass, voire op liewenslängleche Prisong a 75.000

Euro, wann den Täter en Ascendant ass, eng Autoritéitspersoun oder wann d'Affer stierft.

Den Artikel 3 ännert den Artikel 5-1 vum Code de procédure pénale ëm. E weit d'extraterritorial Kompetenz vum Riichter op déi forcéiert Ofdreiwung, dat gezwongent Bestietnis an d'weiblech Genitalverstümmelung aus. Dat heescht, datt de Lëtzeburger Riichter kompetent ass, och wann d'Strofrot am Ausland passéiert.

Den Artikel 3 modifizéiert weider den Artikel 637 Paragraf 2 vum Code de procédure pénale. D'Verjærungsfrist fänkt, esou wéi den Artikel 58 vun der Istanbul Konventioun et virgesäit, eréischt u mat lafen ab der Majoritéit vum Affer oder ab dem Dout vum Affer, wann dëst viru senger Majoritéit stierft.

Den Artikel 4 vum Projet ännert d'Gesetz vum 2003 iwwert d'häuslech Gewalt of. Hei geet et fir d'Éischt emol ëm d'Informatioun an d'Präventioun. Wann de Procureur eng Persoun net wéinst Gewalt vun doheem expulséiert, dann iwwergëtt d'Police de Persounen, déi an deem Stot wunnen, eng Fiche mat all de relevanten Informatiounen iwwer Servicer, déi hëllef, an déi legal Moossnamen, op déi ee kann zrëckgräifen.

D'Gesetz kritt och eng nei Dispositioun, déi virgesäit, datt all Kand, wat direkt oder indirekt Affer ass an am Stot leeft, eng Prise en charge muss kréien.

Eng lescht wichteg Ännerung gëtt duerch den Artikel 5 am Gesetz vum 29. August vum 2008 iwwert d'libre Circulation des personnes an d'Immigratioun ageschriwwen:

Fir d'Éischt emol am Artikel 40 Paragraf 4 vum Gesetz. Hei geet et ëm d'Situatioun, wou d'Affer vun engem forcéierte Bestietnis muss hiert Residenzland verloossen, an dësem Fall Lëtzebuerg, an dann am Prinzip hiert Residenzrecht no sechs Méint verléiert. Kann dës Persoun beweisen, datt se forcéiert gouf, Lëtzebuerg ze verloossen a sech ze bestueden, kritt se op eng vereinfacht Aart a Weis hiren Titre de séjour erëm.

Den Artikel 78 Paragraf 3 vum Gesetz vum 2008 gëtt dann nach duerch en Alinea komplettéiert, dee virgesäit, datt d'Openthaltsgeemeegung dem Affer vun häuslecher Gewalt zougesprach gëtt, wann dës Autorisatioun néideg ass opgrond vun der perséinlecher Situatioun vum Affer, zum Beispill d'Sécherheet, d'Gesondheet, d'Familljesituatioun oder d'Situatioun am Heemechtsland, oder wann déi Geneemegung néideg ass, well d'Affer am Kader vun enger Enquête oder enger strofrechtlecher Prozedur mat den Autoritéite muss zesummeschaffen.

Nach eng lescht Remark. De Projet formaliséiert nom Avis vum Statsrot net d'Roll vum Comité interministériel des droits de l'homme bei der Missioun, déi vun der Konventioun couvréiert ass. De Comité brauch laut Statsrot keng gesetzlech Basis.

Zu den Eckdaten. De Projet gouf den 2. August 2017 an der Chamber deposéiert an den 18. Oktober 2017 de Membere vun der juristescher an der Santé- an Egalitéitskommissioun presentéiert. De Statsrot huet den 12. Juni dëst Joer säin Avis ofginn. An den 20. Juni sinn ech Rapportrice genannt ginn. Eng Tâche, déi ech vun der Josée Lorsché iwwerholl hunn.

Avisé koumen era vun der Cour supérieure de justice, dem Parquet général an de Parquete vu Lëtzebuerg, Dikrech, dem Tribunal vu Lëtzebuerg, der Justice de paix vun Esch, dem Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand, dem nationale Fraerot, der konsultativer Mënschenrechtskommissioun.

Fir den Detail verweisen ech hei op de schrëftleche Rapport.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci.

(Interruption)

► **Mme Sam Tanson** (déi gréng), *rapportrice.*- An ech ginn natierlech den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci. An elo ass d'Tribün fräi fir d'Madamm Sylvie Andrich.

Discussion générale

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Merci, Här Président. D'Gewalt gehéiert, Här Président, léif Kolleeginnen a Kolleegen, leider zu eiem Alldag: am Verkéier, am öffentliche Transport, vis-à-vis vun den Autoritéiten, souguer de Rettungsequppen, op der Aarbecht, an der Schoul an an der Famill.

Ontragbar ass et, wa se banaliséiert gëtt! Ëmsou méi erstaunlech war awer d'lescht Kéier d'Ausso vum Educatiounsminister, d'Gewalt an der Schoul wär e Randphenomeen. Gewalt ka



jiddefalls ni d'Äntwert sinn, fir e Konflikt ze léisen.

Besounesch schlëmm ass d'Gewalt géint d'Meedercher an d'Fraen. Si huet vill Gesichter, ob am privaten oder am öffentliche Raum. Si huet e ganz héije mënschlechen an och wirtschaftleche Präis. Ech zitieren hei déi bäigednet Generalsekretärin vum Europarat, déi am Kontext vun der Istanbul-Konvention 2011 deklaréiert huet: «La violence à l'égard des femmes, quelles que soient les nombreuses formes qu'elle revêt, est une monstrueuse violation des droits de l'homme. C'est une manifestation brutale, parfois meurtrière, de l'inégalité dont un trop grand nombre de femmes sont encore victimes dans nos sociétés.» Esou hei zu Lëtzebuerg, nach mat déidleche Folgen de leschte Weekend.

Dofir kann ech och am Numm vun der CSV nëmme begrëssen, dass haut endlech d'Istanbul-Konvention rechtsverbindlech an eiser Gesetzgebung ukomm ass. Endlech, well et war jo schonn déi viregt Regierung, déi se direkt 2011 ënnerschriwwen huet. Sécherlech war et keen einfachen Exercice, dee ganze gesetzleche Kader duerchzegrasen, mä bei där gudder Viraarbecht hätt et net misse bis August 2017 daueren, bis de Gesetzesprojet prett war. Vill brauch jo eigentlech och net méi ëmgesat ze ginn.

Ech erënneren drun, dass och schonn zënter deem fortschrëttleche Gesetz vun 2003 déi haislech Gewalt kee Kavaliersdelikt méi hei zu Lëtzebuerg ass, mat engem staarke Signal: „Deen, dee schléit, dee geet!“ Elo komme weider gesetzlech Verschärfungen an och nei méi héich Strofe bei enger Rei vu Gewaltakten. Och d'Präventionsaarbecht gëtt verbessert. D'Rapportrice Sam Tanson, där ech Merci soe fir hiren exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport, huet eis dat elo alles gutt erkläert, an ech gräfen och dofir just e puer Punkten op.

Ënner anerem Fraen op der Flucht a Fraen, déi Affer vu genitaler Verstümmelung sinn, hu meeschtens fuerchtbar Gewalterfënisser hanneru sech. Grad do musse mer hëllefen. D'Unerkennung vun der Diskriminatioun weinst geschlechtlicher Identitéit mécht Persounen, déi sech net deem Geschlecht zougehéiereg spieren, dat hinne bei der Gebuert zougeschriwwen ginn ass, d'Liewen elo vill méi einfach.

D'Françoise Hetto an ech haben d'Thema ugekuerbelt duerch d'Gesetzespropos 6955. Déi Terminologie ass awer 2016 net zrëckbehale gi beim neien Diskriminationsverbuert an der Aarbechtswelt, mä do ass de Begrëff „Geschlechtsännerung“ geholl ginn. De CET, de Gläichbehandlungszenter, ass do mat der Iwwerwachung beoptragt ginn. Dofir wollt ech vum Här Minister wëssen, firwat de CET och net elo fir d'Geschlechtsidentitéit kompetent gëtt, fir déi Iwwerwachung, nieft der Verankerung natierlech am Stroferecht.

Eng Fro och zu de Kanner, déi direkt oder indirekt Affer vu Gewalt, also haislecher Gewalt sinn. Do sollt bei der Reform vun 2013 vum Gesetz vun der haislecher Gewalt de Jugendrichte am Kader vum neie Jugendschutzgesetz e Kontaktverbuert kënnen spriechen zum gewalttätigen Elterendeel, falls et am héijeren Interess vum Kand wär. Firwat fanne mer, Här Justizminister, des Moosnam net méi an deem Projet de loi, deen elo um Instanzewee ass, erëm?

Insgesamt koume bei den Avisen och nach eng Rei vu Froen zu der haislecher Gewalt op d'Tapéit. Firwat ass d'psychologesch Gewalt net als Motiv zrëckbehale ginn? Huet d'Regierung net wëlles, am Beräich vun der Täteraarbecht méi proaktiv ze ginn? Wéi steet et zum Beispill bei Widderhuelungstäter mat der Geforenanalyse? Ginn d'Affer matzäiten informéiert, wann déi Persoun aus dem Prisong entlooss gëtt? Wéi ass et mat engem Noutruftelefon, dee ronderëm d'Auer ka benotzt gi vun Affer vun all Zort vu geschlechtsspezifischer Gewalt? A wéi gëtt eng besser Formatioun vun de Professionnelle garantéiert?

Am Regierungsprogramm waren eng Rei Moosnamen ugekënnegt géint sexistesch Gewalt, e besounesch akut Thema. Wat genee huet d'Regierung do bis elo gemaach? Ech verweisen an deem Kontext och op deen exzellente Rapport fir den Europarat mat der Resolution 2177 vun 2017 vu menger Fraktiounskollegin Françoise Hetto: «mettre fin aux violences sexuelles et au harcèlement des femmes dans l'espace public».

Wéi steet et mam Rapport zur CEDAW/UNO-Konvention, wou et ëm d'Eliminatioun vun all Zorte vun Diskriminatiounen vun de Frae geet? Dat ass jo enk mat der Istanbul-Konvention verflecht.

Ech kommen zum Schluss, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, mir kommen haut an der Prävention an dem Kampf géint

d'Gewalt vis-à-vis vu Fraen e gudden Schrott no vir. D'CSV wäert och dofir dem Gesetzesprojet zoustëmmen. Déi grouss Erausforderung allerdings bleift, fir géint Stereotypen op allen Niveaue a vu klengem u virzegoen. Hei muss d'Politik weider Zeeche setzen, zesumme mat alle gesellschaftleche Kräfte a besonnesch och de Medien. Nëmme esou kënnen mer eng Kultur vun der Netgewalt schafen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Andrich. An nächste Riedner ass den Här Marc Angel.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Jo, Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, Madamm Minister, Här Minister, wann ee vu Gewalt géint d'Frae schwätzt, da si mer net an enger ideologescher Diskussioun, wéi dat esou gär vu rietsextreme Gruppe verzaapt gëtt, mä mir schwätzen iwwer schrecklech Tatsachen, déi leider all Dag, jo, och an Europa an och hei zu Lëtzebuerg, an alle soziale Milieue passéieren an erdroe ginn.

Schléi, sexuell Belästegung, sexuell a physisch Gewalt a Vergewaltigungen, dat ass eng batter Realitéit fir vill Fraen a Meedercher. An d'Diskriminierung baséierend op Genre ass och fir vill Fraen a Meedercher eng Realitéit.

Iwwregens gëtt geschat, dass an Europa eleng duerch haislech Gewalt méi Frae stierwen, oder besser gesot doutgemaach ginn a schwéier blesséiert ginn, wéi duerch Kriibs oder Verkeiersaccidenten. Dofir ass et gutt, dass an de leschten zwanzeg Joer an Europa an och hei zu Lëtzebuerg um legislative Plang scho vill geschitt ass an dass de Jean Asselborn am Joer 2011 d'Konvention vun Istanbul fir Lëtzebuerg ënnerschriwwen huet. An et ass wichtig, dass mer déi Konvention haut ratifizéieren an doduerch onse legislativen Arsenal, fir géint d'Gewalt vis-à-vis vun de Fraen a Meedercher virzegoen, verbessern a verstärken.

Erlaabt mer, der Madamm Rapporteur Sam Tanson e Merci ze soe fir hir gutt Aarbecht a gutt Rapporten, ouni déi gutt Viraarbecht ze vergiesse vun der Madamm Josée Lorsché.

Mäi Merci geet awer och un d'Chancëgläichheitsministesch Lydia Mutsch an un de Justizminister Félix Braz. Grad ewéi am Gesetz iwwert de Mënschenhandel oder dem Gesetz iwwert d'Prostitutioun hutt Dir zwee als Ministeren, awer och Är Mataarbechterinnen a Mataarbechter exzellent zesumme geschafft, andeems Der d'Leit um Terrain, sief dat ons Gerichter oder ons Zivilgesellschaft, mat agebonnen hutt an och consultéiert hutt. Dat ass eng gutt Saach an dat huet och seng Friichte gedroen an deem Projet.

Et war technesch, an dat wësse mer all, net einfach, ons Legislatioun op d'Istanbul-Konvention ofzestëmmen. Dat sot iwwregens och ons deemoleg Chancëgläichheitsministesch Madamm Hetto am Juni 2005, wou se mer op eng parlamentaresch Ufro vu mir a vun der Madamm Mutsch geäntwert huet, dass dat ganz komplizéiert wär, dat ëmzesetzen. An dat war och d'Ursach, firwat si gesot huet, dass d'Regierung deemools d'Transpositioun vun der Convention d'Istanbul net als prioritär ugesinn huet. Dës Regierung huet dat awer net esou gesinn a si huet hir Aarbecht an deem Domän gemaach.

Leider gëtt och fälschlecherweis vu Verschiedene behaupt, dass Männer a Jonge vun deem Gesetz net betroff wären. Dat ass falsch. D'Istanbul-Konvention betrëfft jo och déi haisleche Gewalt a mir verbessern onse Gesetz, d'Madamm Andrich huet et scho gesot, dat Gesetz vun 2003 iwwert d'Violence domestique. Opfer vun haislecher Gewalt si jo och heiansdo Männer a Jongen, wann natierlech a vill geréngem Mooss wéi Fraen. A mat deem Gesetz schützen mer jo och d'Opfer besser an och déi sougenannte kollateral Victiminnen, wat jo meeschtens Kanner sinn, a Kanner si Jongen a Meedercher, also sinn och hei d'Jonge betroff.

D'LSAP begréisst besounesch, dass elo mat deem Gesetz all d'Kanner, déi doheem haisleche Gewalt erlieft an erlidden hunn, e Suivi kréien vun engem Service d'assistance. Och freeë mer eis, dass d'Mutilation génitale spezifesch ernimmt a sanktionéiert gëtt duerch de Code pénal.

Wann et ëm Gewalt géint Frae geet, ass et wichtig, drun ze erënneren, dass mer zu Lëtzebuerg, wat de sozialen a psychosozialen Encadrement ugeet, net eréischt duerch d'Istanbul-Konvention aktiv gi sinn. Wann ech zum Beispill e ganz vulnerabele Grupp vu Fraen huelen, déi aus Krichs- a Krisengebiddern kommen, do huet de Comité de coopération vun de Professionellen am Domän vum Kampf géint d'Gewalt géint Fraen eng spezifesch Prozedur festgehalen, fir haisleche Gewalt bei Demandeurs de protection internationale festzustellen.

Ech mengen, dat si positiv Entwécklungen.

Als LSAP begrësse mer och, dass mat deem Projet de loi onse Immigrationsgesetz ergänzt gëtt, andeems Situatiounen vu Mariage forcé oder Opfer vun haislecher Gewalt, wat den Droit de séjour ugeet oder de Permis de résidence, a Betruecht gezu ginn.

Ech wëll och drun erënneren, an d'Madamm Rapporteur huet et scho gesot, dass duerch dese Projet de loi an duerch d'Istanbul-Konvention och den Accent gesat gëtt op ganz vulnerabel Gruppen, déi oft marginaliséiert sinn, well se net an eng binär Visioun vun der Identitéit de genre oder vun der sexueller Orientierung passen; dat sinn d'transident Mënschen an och Intersex-Mënschen. Op dese Sujeten ass am Justizministère an och am Chancëgläichheitsministère scho vill geschafft ginn. A mir als LSAP sinn iwwerzeegt, dass an deenen nächste Joren och Gesetzgeber gestëmmt musse ginn, fir dës Mënschen nach besser viru Gewalt an Diskriminierung ze schützen.

Zum Ofschloss wëll ech awer och drun erënneren, dass d'Dimensioun Genre an d'Gläichheet Mann a Fra fir Lëtzebuerg net nëmme hei am Land oder an Europa wichtig ass, mä och e Bestanddeel ass vun onser Aussepolitik an hirem Volet „Entwécklungszesummenaarbecht“. Staark, selbstbewosst a resilient Frae sinn dee beschte Moyen, fir e Land aus der Aarmut ze bréngen.

Erlaabt mer am Kader vun deem Gesetz op d'Agenda 2030 mat hire 17 ODDen hinzewiesen! Dës nei Agenda ass eng global Agenda. Si betrëfft also net nëmme d'Entwécklungslänner, mä och eis, a mat deem Gesetz maache mer och eppes hei. Mir sinn also voll am Objektiv 5, wat d'Chancëgläichheet ass.

Här President, ech kommen zum Schluss. Dir Dammen an Dir Hären, dës Gesetz, mat deem mer d'Istanbul-Konvention ëmsetzen, rout op dräi fir d'LSAP ganz wichteg Prinzipien: éischstens, d'Prävention vu Gewalt, zweetens, de Schutz vun den Opfer an drëttens, d'Poursuite vun den Täter. Et ass e gutt Gesetz an dofir ginn ech och elo hei den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Nächste ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Simone Beissel.

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech bleiwen hei, well et ass schonn extrem vill gesot ginn. Ech wäert just mech begnüge mat e puer Iwwerleeungen.

Fir d'Éischt wëll ech der Madamm Rapporteur Sam Tanson en häerzleche Merci soe fir hire gudden schrëftlechen a mëndlechen Rapport an enger Matière, déi jo awer komplizéiert ass.

D'Konvention vun Istanbul vum 11. Mee 2011, e Regelwierk vum Conseil d'Europe, ass extrem wichtig. An dofir huet de Projet de loi, dee mer haut huelen als Suite dovun, déiselwecht Wichtigkeet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, säit den 90er Jore sinn e ganze Koup international Institutionen, déi bekämpfen all Zort vu Gewalt géint Meedercher a Fraen op hirem nationalen Niveau an internationalen Niveau. Dofir ass déi Konvention sougutt wéi dese Projet - an et ass schonn ugeklongen, mä ech wollt et nach eng kéier ënnersträichen - dat éischt juristescht Instrument, wat international contrainant ass. Dat ass wierklech e Quantesprung, well mir hu jorelaang do derfir gekämpft an et huet ëmmer all Mënsch gesot: „Dir mësch lech net an d'Affaires juridiques internes vun anere Länner!“

Hei maache mer elo eng Dier op, fir dass bestëmmten Dote kënnen international sanktionéiert ginn.

Här President, Gewalt géint Fraen ass leider eng traureg Realitéit a leider och zu Lëtzebuerg! Et si virdu Chifferen ugekënnegt ginn. Ech kann déi nëmme bestätegen. Ënnert dem schicke Vernis och vun enger Lëtzeburger Gesellschaft ass et mat Momenter guer net esou schick, well et gëtt ganz vill geschloen.

2003 hu mer dat éischt Gesetz geholl, an dat war e richtege Paradigmewissel, et ass virdu och hei ugeklongen: „Wie schléit, dee geet!“ Virdu hunn ëmmer d'Fraen, meeschtens mat de Kanner, déi geschloe gi sinn, missen aus dem Haus erausgoen, haten da lauter Probleme, fir an iergendengem Foyer ënnerdaach ze kommen. Da si se nach an de Belagerungszoustand vun hirem Partner oder Mann gesat ginn, dass d'Police dauernd am Asaz war.

Dat hu mer jo elo geännert. Elo muss de Mann meeschtens fortgoen, quitted dass mer eng vill méi subtil an nuancéiert Attitüd hunn, well d'Polizei huet eng ganz aner Formatioun kritt. A ganz oft, och wa se geruff ginn, gëtt emol fir d'Éischt gekuckt, wéi ass d'Situatioun, a ganz oft, wa keng Expulsioun gemaach gëtt, da gëtt

de Mann awer informéiert, wat e riskéiert. Meeschtens sinn et jo awer trotzdeem d'Männer, déi betroff sinn.

Här Angel, et sinn der e puer, ech hunn e puer Männer verteidegt a mengem Liewen, déi Kläpp kruten, mä et war awer déi kleng Minoritéit. Meeschtens ass et de Contraire.

Elo ass et esou, dass wierklech gekuckt gëtt, wéi ass d'Saach, an d'Informatioun an d'Prävention ginn héichgeschriwwen an awer och d'Informatioun vun den Täter gëtt ganz anescht behandelt, well ganz oft sinn et Leit, jee nodeem vu wou se kommen, déi si sech hiren Doten net bewosst.

Elo just nach e puer Punkte fir déi Plus-valü fir mech oder fir d'DP vun deem Text, well et ass wierklech de Gros scho gesot ginn.

Eppes ganz Wichteges ass de Schutz vun de Kanner, déi direkt oder indirekt duerch Gewalt, haislech Gewalt betroff gi sinn, well ganz oft ass dat ëmmer ënnerschat ginn. D'Kanner leiden drënner, souguer wann de Papp ganz oft erausgesat gëtt, duerch eleng nëmme d'Separatioun an duerch dee ganze Stress an deen Drock, deen doheem ass. An dat ass gutt, dass do d'Prise en charge virgesinn ass.

Dat Zweet, wat fir mech ganz wichteg ass, dat ass, dass mer elo wierklech virginn, a mir hunn dat eben och duerch déi grouss Migrationswellen, déi mer momentan kennen, dat ass wierklech d'Bekämpfung vum Mariage forcé. Dat hu mer nach och an anere Kulturen. Dat ass guer net esou einfach, dat si Ritualen. Mä mir fänken un, dat ze bekämpfen. Dat ass och elo hei virgesinn an dat ass ganz wichteg, well do geschitt ganz vill Misär.

Dat Drëtt, wat ganz wichteg ass, dat sinn d'Zwangsbeschneidunge vu Fraen an och meeschtens vu klengen Meedercher. An ech kann lech soen, dass mer zu Lëtzebuerg elo wi vill där Fäll haten! Glécklecherweis si se geanddet ginn, well ganz oft an de Schoulen huet d'Schoulpersonal d'Gemengen informéiert an dergéint konnt eppes gemaach ginn. Mä dat sinn och Ritualen, déi net esou einfach an de Grëff ze kréie sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann d'Gläichheet tëschent Männer a Fraen net soll en eidelt Wuert bleiwen, musse mer virukämpfen a mir mussen och, wéi dat an deem Projet de loi virgesinn ass, vill méi streng sanktionéieren. An deem Kontext begrëssen ech et an ech hu jorelaang derfir gekämpft, dass endlech d'Verjärungsfristen, wéini een nach eppes ka géint den Täter ënnerhuelen, an d'Luucht gesat ginn! Et war ëmmer zéng Joer. Mä ganz oft, wann dat Kanner waren a wann déi da groussjäreg waren, da war et Feierowend, da konnte se näischt méi maachen. Elo fänkt den Delai vun zéng Joer un ze lafen, vun deem Moment un, wou ee groussjäreg ass. Dat gëtt eng ganz aner Saach! Well d'Kanner sinn total hilflos a ganz oft, deemno wat et ass, da kréie se och gesot: „Hal léiwer de Mond, et gëtt ze vill Problemer!“ An da maache se näischt. Dat ass an där Hisiicht ganz wichteg.

Ech wollt awer elo nach vläicht, wann Der erlaabt, eng Demande maachen un d'ganz Regierung, déi elo hei gutt vertrauen ass. Déi Mesuren hei, déi elo hei opgeléicht sinn, sougutt an der Istanbul-Konvention wéi an deem Projet de loi, dee mer elo wäerte stëmmen, si villfältig, gi vill méi wäit wéi dat, wat bekannt ass. An ech géif lech wierklech ganz häerzlech bieten, fir hei eng Informatioun, eng Diffusioun ze maachen à large spectre, fir dass alleguerten d'Leit, déi hei um Territoire sinn, net nëmme d'Lëtzeburger, mä och ganz vill Leit, déi aus Milieue kommen, déi dat do vläicht ganz komesch fannen, dass mer esou streng sinn, dass se wierklech kloer wëssen, wéi mir dat do gesinn a wat fir eng Strofe mer virgesinn, well ech mengen, dat wär eng Saach vun der ganzer Sécurité juridique an net nëmme am Interess vum de Fraen!

Natierlech bréngen ech mat Freed hei den Accord vun der DP-Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Reding huet d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Mir si frou, datt d'haisleche Gewalt hei thematiséiert gëtt. Ech hunn a menger Praxis als Affekot 28 Joer laang Männer, Fraen an Transsexueller vertrauen, déi Affer gi si vu physischer an och vu psychescher - dat ass ugeklongen - Gewalt. Dat ass eng traureg Realitéit an dergéint muss gekämpft ginn.



Ganz richtig huet den Här Angel drop verweisen, datt déi Budapest (veuillez lire: Istanbul) Konvention och vun „victims“ am Allgemenge schwätzt. Trotzdem hu mer hei am Titel „violence à l'égard des femmes“! Wien exklusiv vu Gewalt géint Frae schwätzt, niéiert implizit d'Realitéit vu Gewalt géint Männer, egal ob se homosexuell, heterosexuell oder transsexuell sinn, a violéiert domadder schonn am Usaz de Gläichheitsprinzip tëschent Mann a Fra, dee mer allegueren heibannen net a Fro stellen. Dat eleng géif duergoen, fir dësen Text ofzeleenen: den Titel.

Vill méi Suerge mécht eis awer den Artikel 454 vum Code pénal, dee geännert gëtt duerch dëst Gesetz a wou eng «notion d'identité de genre» agefouert gëtt, soi-disant fir besser kënnen ze kämpfen géint «les inégalités de sexe et les violences fondées sur le genre, notamment dues aux stéréotypes de genre».

Ech froe mech heiansdo, firwat datt mer Avisen froen, wa mer déi Avisen duerno net suivieren! Kee Geréngere wéi eis Cour supérieure de justice huet an dësem Kontext Bedenken ugemellt a gesot, vu datt mer keng Definition hunn en droit positif luxembourgeois vun där Notion de genre, kéim et zu Problemer vun Interpretation. Or, an engem strofrechtlichen Text dierf et déi Problemer net scho ginn am Gesetzestext selwer! D'Cour supérieure de justice seet: «Or, rappelons que le droit pénal est un droit d'interprétation stricte et ne se prête pas à des interprétations extensives.» Dat ass ee Grond, fir dëst Gesetz ofzeleenen.

Mä och déi Theorie vum Genre als sollech geet vill ze wäit! Hei gëtt ganz einfach déi biologesch Realität vun der Existenz vun zwee Geschlechter niéiert! Mann oder Fra wier e reng soziologesch Konstrukt. Dat gesi mir net esou! Ouni d'Rechter vun Transsexueller ze niéieren, déi genau deeselwechte Gläichstellungsprinzip kënnen invoquéieren wéi e biologesch Mann oder eng biologesch Fra. Mä eng schwanger Fra ass fir déi Ideologie vu Genre eng schwanger „Persoun“, och wann nëmme Frae kënnen Kanner kréien. Ouni d'Realitéit vun der Transsexualitéit ze niéieren, nach eng Kéier, well dat gëtt et, och wann et rar ass, ass et awer absurd ze mengen, et kéint een onendlech vill Geschlechter kreéieren an et kéint een nach Lust und Laune soen, wat fir eent een dann elo géif wielen.

Elo kann een natierlech soen, mir wäiss heterosexuell Männer wiere schold un all Ongerechtegkeet. Et kann een awer och soen, datt dee Gendergaga Blödsinn ass. Esou vill Toleranz muss sinn.

Mir als ADR halen dee Gendergaga fir Blödsinn an duerfir leene mer dësen Text of.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.**- Ganz genau! Très bien! Genau richtig!

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Oh, do ass en Echo! Den Här Baum huet d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Jo, Merci, Här President. Mir halen den Text net fir Blödsinn. D'Istanbul-Konvention ass wierklech, international gesinn, en historiesche Meilesteen, well se international contrainant Virgabe mécht, dat heescht déi wäit iwwer Lëtzebuerg erausginn. An ech mengen, d'Madamm Beissel huet dat virdrun och ganz gutt erkläert.

Wann een eppes kritiséiere kéint, da wier et, datt dat Gesetz siwe Joer gebraucht huet, bis datt mer elo d'Konvention ennerschreien, a glécklecherweis ennerschreie mer se elo! Et geet géint haislech Gewalt, et geet drëm, proaktiv dat ze bekämpfen. An et geet ebe justement net nëmme ëm Meedercher oder Fraen, mä et geet och hei ëm Jongen a Männer! An dat ass e wichtigen Deel och vun dësem Text. Dofir verstinn ech och net dem Här Reding seng Ausféierungen, well et geet jo net nëmme ëm den Titel, mä et geet jo och ëm dat, wat am Text selwer steet.

Dat, wat mer e bësse bedauert hunn, dat ass, datt opgrond vun enger Remark vum Conseil d'État den ursprénglech geplangte Comité interministériel, dee sollt de Suivi an d'Evaluation an der Ëmsetzung vun der Konvention maachen, net méi am Text drasteet, mä ersat ginn ass duerch en informelle Comité. Dee Comité kann natierlech zesummekommen, a mir wiere ganz frou, wann en och géif zesummekommen an och de Suivi vun der Evaluation vun der Ëmsetzung vun dësem Text ganz intensiv géif maachen.

An am Géigesaz och zum Här Reding mengen ech wierklech, datt et e wierklech grouse

Fortschrëtt ass a vill Leit och dovunner betraff sinn a gehollef kënnen kréien, datt endlech d'Identité de genre als Motiv vun Diskrimination, vu Violence domestique et sexuelle am Gesetz steet, well dat ass fir vill Leit eng ganz existenziell Noutwendegkeet an et bënnt virun allem och e ganze Grupp vu Leit aus der LGBTQI-Community mat an, an dat ass, mengen ech, wichteg an et ass richtig, datt dat och esou geschitt.

Duerfir ënnerstëtze mer dat heite Gesetz och.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet de Justizminister.

Prises de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Merci, Här President. D'Gewalt géint Fraen a Meedercher ass och zu Lëtzebuerg Realität, awer och net nëmme hei. An dofir huet sech de Conseil de l'Europe schonn zënter den 90er Jore géint Gewalt géint Fraen agesat.

An den éischte Recommandatiounen ass e Comité agesat ginn, den d'Mission hat, en international contrainant - contrainant! - Instrument auszeschaffen, wat mer och elo hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen. De 7. Abrëll 2011 ass den Text vum Ministeschrot vum Conseil de l'Europe adoptéiert ginn.

A fir deelweis op dem Här Baum seng Fro ze äntweren: Zënter dass dës Regierung do ass, hu mer dru geschafft, fir de Projet ze realisieren. Mir krute just zu engem bestëmmten Zäitpunkt vu Bréssel aus gesot, déi och zu deene gehéieren, déi sech där Konvention ugeschloss hunn, dass et eng Compétence exclusive vun der Union wier. Also d'Länner sinn opgeruff ginn, wann ech gelift an dëser Matière net ze legiferéieren, d'Union géif dat maachen an ofdecken.

Iwwer e Joer war dat d'Position, bis et dann op eemol geheescht huet: Mir hunn eis rebifiéiert, en fait menge mer awer, et war eng Compétence partagée, d'Länner kënnen awer elo handelen; an dat ass an engem Aarbechtsgrupp gekläert ginn: Wat iwwerhëlt d'Union, wat maachen d'Länner? Eréischt duerno konnte mer weiderschaffen national. Dat erkläert, firwat mer e bësse méi laang gebraucht hunn. Mir bedauern et selwer, mä et ass net eng Responsabilitéit, déi d'Regierung huet.

Mir hunn och opgrond vun der Istanbul-Konvention relativ wéineg eigentlech misse legislativ maachen. Mir si mat deene Gesetzer, wéi mer se haten, am Verglach mat deene meeschte Länner eigentlech relativ gutt do gewiescht. Mir haten net keng Aarbecht, mä d'Adaptation ware méi eng Mise en conformité, wéi dass elo bei eis ganz vill Legislatives geännert hätt.

Déi eenzel Aspekter si scho vun de Virriedner belicht ginn, notamment d'Ännerungen am Gesetz iwwert d'haislech Gewalt. Do soll och an Zukunft, och do, wou keng Wegweisung gemaach gëtt, zumindest verbindlech en Informationsblat un all d'Membere vum Stot musse verdeelt ginn.

De Projet mécht och opmierksam op de Statut vun de Mannerjäregen, déi souwuel direkt wéi awer och indirekt Affäre kënnen gi vun haislecher Gewalt, a gesäit och eng obligatoresch Prise en charge duerch spezialiséiert Servicer vir.

Et gëtt och am Gesetz vum 29. August 2008 iwwert d'libre Circulation des personnes et l'immigration eng gesetzlech Ännerung gemaach, fir d'forcéiert d'Bestietnis respektiv d'Gewalt am Stot als Asylgrënn am Hibleck op eng Openthaltsgeneemegung kënnen festzehalen.

Den Artikel vum Code pénal, de 454, dee gëtt ergänz, komplettéiert duerch d'Notioun vun der Identité de genre.

Ech wëll awer och do soen, wann Der sot an Dir zitéiert den Avis vun der Cour supérieure, dass dat net méi genee präziséiert wier: Aner Motiver, déi mer an deem Artikel kennen, wéi och de Sexe, de Changement de sexe, ginn eigentlech och net méi genee definéiert wéi dat doten. Dat ass elo näischt, wat spezifesch nëmme wier fir d'Notioun vun der Identité de genre.

Wichtig ass, dass mer duerch de Motif vum Sexe dee binäre System, wéi Dir en evoquéiert hutt, kënnen ofdecken als Motif de discrimination an dass mer duerch d'Identité de genre och elo e Motif awer erakréien, den et erlaabt, den LGBTI-Leit och kënnen eng gewësse Protektion ze ginn. Ech sinn iwwerzeugt, dass d'Gerichter wäerte wëssen, wéi se mat deene verschiddene Motiver do ëmginn. A kloer ass, dass d'Identité de genre hei e Fortschrëtt mat Sécherheet wäert bedeuten.

Zu de Genitalverstümmelungen hunn och schonn d'Madamm Beissel an aner Virriedner, mengen ech, gesot, wat ze soen ass. Ech sinn dofir der Meinung am Résumé, dass d'Ratiofikation vun der Istanbul-Konvention an déi legal Aspekter vum Projet de loi dofir en daitleche Fortschrëtt wäerten duerstellen.

Et sinn och nach aner Froe gestallt ginn, notamment vun der Madamm Sylvie Andrich-Duval, wat de CET betrëfft. Déi hu mer ganz fréi an dës Diskussioun matagebonnen. Si hunn eis hir Remarque schonn ufanks 2016 och kënnen maachen. Si begrëssen ausdrécklech zum Beispill d'Notioun vun der Identité de genre, déi mer hei ophuelen. Do ass also, mengen ech, keng Plaz fir Malentenduen.

Wat d'Definition vun der Diskrimination betrëfft beim Aarbechtsministère, mat deene si mer am Kontakt an och am Gespréich a si schaffen och un engem Avant-projet de loi. Dat ass also näischt, wat net vun dëser Regierung wäert gemaach ginn, mä dat ass net an dësem Projet de loi. Do gëtt un engem separaten Avant-projet de loi am Aarbechtsministère geschafft.

A lescht Remark par rapport zu enger Observation vun der Madamm Beissel, déi sech eng méi breet Informatioun gewënscht huet. Och do gëtt bei eis am Ministère, Madamm Beissel, dorunner geschafft, well mer generell och zoustänneg si fir Victimmen. An och do wäerte mer als Justizministère eng Campagne maachen, déi justement zu deem doten Thema eng breet Diffusion vun den Informatiounen wäert erméiglechen.

Dat gesot, Här President, ech hat mat der Madamm Mutsch ausgemaach, mir géifen eis d'Zäit deelen. Dat ass dann heimadder geschitt. E lescht Wuert awer och nach, fir dem Här Asselborn Merci ze soen a senge Servicer, déi eis hei och epauléiert hunn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann huet d'Wuert d'Madamm Gesondheitsminister.

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de l'Égalité des chances.**- Chancëgläichheitsminister!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, och.

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de l'Égalité des chances.**- Merci, Här President. Haut ass tatsächlech e ganz wichtigen Dag fir d'Stärkung vum de Fraerechter hei zu Lëtzebuerg, well d'Ratiofikation vun der Istanbul-Konvention ass net nëmme eng Reaktioun op ganz laangjäreg Revendicationen vun der Zivilgesellschaft an d'Ëmsetze vun engem weidere Punkt aus eise Regierungsprogramm, mä och eng konsequent Antwort op d'Recommandatiounen vun der „Étude sur les causes de la violence domestique: pour une meilleure prévention“ (veuillez lire: „La violence domestique: étude des causes pour une prévention ciblée“), déi de Chancëgläichheitsministère 2013 beim LIH an Opdrag ginn hat, an och eng Unerkennung vun den Aarbechte vum Comité Violence, dee mäi Ministère presidéiert an den all relevant Akteure vum Terrain aus dem Beräich regroupéiert.

Et ass schonn hei gesot ginn: D'Istanbul-Konvention ass déi éischt international Konvention, déi juristes bannend ass am Beräich vun der Prävention an der Bekämpfung vun der häuslecher Gewalt a vun der „Violence fondée sur le sexe et le genre à l'égard des femmes“. An et ass och déi éischt international Konvention, déi d'Gewalt géint d'Fraen als e Verstooss géint d'Mënscherechter a géint de Gläichstellungsprinzip tëscht Männer a Fraen unerkennt, déi d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer promovéiert - an den Här Angel ass schonn dorüber agangen - mat engem Akzent op d'Bekämpfung vun den negativen Stereotypen, Virurteeler, sexisteschen Geschlechterrollen, prejudicialen Praktiken, Traditionen a Sitten, déi zu Ongläichheeten, Diskrimination a Gewalt féieren, an déi d'Notioun vum Gender definéiert an de berühmte Prinzip vum Gendermainstreaming integréiert.

Ech wëll awer och nach eng Kéier, an de Justizminister huet dat och gemaach, ënnersträichen, dass mir bis haut a während den Aarbechten zu dësem Gesetz net an engem Vide juridique waren a schonn e ganz performante Kader vun der Gewaltprävention a vun der Gewaltbekämpfung hei zu Lëtzebuerg hunn, notamment a puncto legale Kader, a puncto Encadrement psychosocial, médical a juridique, a puncto Betreuer a Schutz vun de Fraen, Affäre vu Gewalt - Fraen a Männer -, Affäre vun häuslecher Gewalt, awer och vun den Täter vun der Violence domestique. All dat duerch eis konventionéiert Servicer, déi mir kontinuéierlech ausbauen a gutt opstellen.

Iwwregens spillt am Zesammenhang mat der verbesserter Prise en charge vun den Täter d'Fiche d'information bei der Intervention vun der Police eng ganz wichteg Roll - déi Fro war och hei gestallt ginn.

A puncto Kollaboration a Synergien tëscht deene concernéierten Akteuren um Terrain, déi sech ëm déi betraffe Kanner, Fraen a Männer bekëmmern, ech nennen hei just: Comité Violence, Traite - Prostitution, an a puncto Sensibilisierungscampagnen zum Thema häuslech Gewalt, do ware mer also och an de leschte Jore schonn net schlecht opgestallt, mä mam Vott vun dësem Projet de loi - an ech soen der Rapportrice e grouse Merci fir hiren exzellente Rapport - gëtt d'Gesetzgebung iwwert d'häuslech Gewalt verstärkt an d'Prise en charge vun de Kanner virun allem verbessert a verallgemeinert. An Zukunft muss all Kand, dat am Stot leeft, am Fall vun enger Expulsion obligatoresch vun engem spezialiséierten an agreéierte Service en charge geholl ginn.

An ech deelen d'Aussoe vun der Madamm Beissel komplett, dass dat immens wichteg ass an dass et do war, wou mer och hu missen nobesseren. An ech deelen och déi Approche vun enger Information large spectre, déi déi zwee Ministère an deenen nächste Méint wäerte maachen.

Jo, d'Ratiofikationsaarbechten hu laang gedauert, engersäits well mer et mat engem ganz komplexen Text a multidisziplinäre Champs d'application vun der Konvention ze dinn hunn, an anersäits well mer als Lëtzebuerg déi juristisch Approche gewielt hunn, fir eise legale a reglementäre Kader ze adaptéieren, iert mer ratifizéieren an net eréischt duerno, wéi vill aner Länner et gemaach hunn. Dat halen ech och fir ganz wichteg. An et ass an de leschte Joren a ganz villen themateschen Aarbechtsgruppen intensiv geschafft ginn - Aarbechtsgruppen, an deene bal all Ministère, Verwaltungen, Partner aus der Zivilgesellschaft derbäi waren.

Ech soen hinnen all e grouse Merci. An och e Merci fir déi gutt Kollaboration mam Ministère de la Justice.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Chancëgläichheitsministesch.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).**- Här President?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, d'Madamm Sylvie Andrich-Duval huet d'Wuert.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).**- Merci, Här President. Ech erlabe mer awer just eng Kéier kuerz nozefroen, well den Här Justizminister mer do eng Fro net beäntwert huet, wat de Jugendschutz ubelaangt.

Déi Mesure, déi bei der Reform vun dem Gesetz vun der häuslecher Gewalt 2013 diskutéiert gi war, fir dem Jugendrichter eng Kompetenz bäzeginn, eng Interdiction de contact, déi fanne mer net an dem virleien Projekt de loi, den um Instanzewe ass, zréck. Do waart Der elo net drop agang.

Och wollt ech d'Madamm Chancëgläichheitsministesch nach froen, wéi et ass mat engem Noutruftelefon, dee 24 Stonnen op 24 géif funktionéieren, an eben och, wéi et ass mat de Widderhuelungstäter. Dat si vläicht Sujeten, déi e bësselche méi erasustiechen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Madamm Minister, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de l'Égalité des chances.**- Fir vläicht mat der leschter Fro unzefänken: Mir hu jo allen zwee gesot, dass mer eng grouss Informatiounscampagne elo starten. A mir wëllen do mat alle Medien zesummeschaffen. An do war och d'Iddi opkomm, ob mer net kéinten eng permanent Struktur schafen, eng Ulafstell, eng Zort Info-line. Dat ass awer nach net ausgeräit, mä ech sinn awer frou, dass dat, wa mer dat wëlle maachen, och op Är Zoustëmmung géif falen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Zu där Fro zum Jugendschutztext. Den ass jo elo emol deposéiert an e geet elo an d'Diskussion. Mir hunn dat do an engem breeden Aarbechtsgrupp opgestallt, den doten Text. Déi dote spezifesch Fuerderung ass a mengen Erënnungen an deem Aarbechtsgrupp net zur Diskussion komm. Déi ass vu kengem vun deenen, déi do mat um Dësch souzen - an Dir wësst, dass mer do e ganz breede Panel hate vun all deenen, déi an deem dote Beräich aktiv sinn - opgeworf ginn.

Ech géif mech där Disposition emol net verschléissen a verweisen Iech dann op déi Diskussion, déi mer op deem Projet de loi dann no de Wahlen, denken ech, wäerten doriwwer ze féiere kréien. Ech si gäre bereet, doriwwer ze diskutéieren, mä dat war net Géigestand vun deenen Diskussionen. Et ass och do vu kengem opgeworf ginn.



► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7167 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

57-mol Jo, 3-mol Neen. Domat ass de Projet 7167 adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Diane Adehm), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Marc Spautz), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Alex Bodry) et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Sam Tanson), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia);

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. D'Madamm Joëlle Elvinger ass prett, fir de Projet 7249 virzestellen.

13. 7249 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée aux fins de transposer l'article 1^{er} de la directive (UE) 2017/2455 du Conseil du 5 décembre 2017 modifiant la directive 2006/112/CE et la directive 2009/132/CE en ce qui concerne certaines obligations en matière de taxe sur la valeur ajoutée applicables aux prestations de services et aux ventes à distance de biens

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP), *rapporteuse*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësen Gesetzesprojet geet et ëm d'Transposition vun eenzelnen Dispositionen vun enger Direktiv an eist nationaalt Recht. Et geet méi genee ëm d'Direktiv 2017/2455 iwwert den

TVA-Regime op Produiten, déi iwwert den Internet verkaaft ginn, ëm déi sougenannten TBE-Services. TBE-Service steet fir „Telecommunications, broadcasting & electronic services“, dat heescht Servicer, déi ee virun allem an de Beräicher vun der Telekommunikatioun, Televisioun a Radiodiffusioun am Internet erofluede kann, wéi ënner anerem zum Beispill Musik, Filmer an Appen.

Déi genannten Direktiv schreift sech dobäi an d'Europäesch Kommissioun hir Strategie zur Verdeiwung vum Marché unique an der Fëderung vu gesonder Konkurrenz innerhalb vun der EU, ma och par rapport zu Drëttstaten an.

Et ass d'Suite vum „Paquet TVA“, dee virun zéng Joer ugehall ginn ass. A schoonn deemools war ee sech bewosst, dass ee misst op déi rasant Entwécklung vum Commerce électronique reagéieren an op d'Verbredung vu Geschäftsmodeller, déi hir Servicer per Internet an iwwert d'Grenzen ewech ubidden.

Dowéinst gouf decidéiert, déi traditionell Approche vun der TVA, wou de Lieu d'établissement vum Prestataire gekuckt ginn ass, duerch eng nei Approche ze ersetzen, bei där de Lieu de consommation, also de Memberstat, wou de Konsument ass, ausschlaggebend ass.

Fir Lëtzebuerg war dat déi lescht Jore mat grousser steierlecher Verloschter vun der TVA um Commerce électronique verbonnen. No dësen neie Regele goufe Firmen, déi an engem EU-Memberstat etabléiert waren an awer hir TBE-Servicer an der ganzer EU ugebueden hunn, net méi just do taxéiert, wou se hire Sëtz hunn, mä an all deene Länner, wou se hir Déngschtleeschtinge verkaaft hunn.

Fir den administrativen Opwand fir dës Entrepreneuren ze minimiséieren, gouf deemools den „Mini-guichet unique“ agefouert, mat deem d'Entreprise all hir TVAe bei enger eenzeger Administratioun kënnen deklaréieren a bezuelen, déi dann deenen anere Memberstaten d'TVA, déi hinnen zousteet, iwwerweist. Op dës Manéier geet et duer, wann d'Entreprise sech just an engem Memberstat immatrikuléieren.

Zënterhier huet sech awer erausgestallt, dass bei dësem Regime punktuell muss nogebessert ginn. D'Direktiv 2017/2455 gesäit zwou Echeance vir.

Op den 1. Januar 2019 trieden déi Ännerungen a Kraaft, déi sech op d'Determinatioun vum Lieu d'imposition an op d'Modalitéite vun der Facturatioun vun TBE-Servicer bezéien.

Eng zweet Rei vu Mesuren ass dann ab dem 1. Januar 2021 applikabel. Bei deene geet et ënner anerem ëm d'Ausdeenung vun der Besteuerung um Lieu de consommation op de grenziwwerschreidende Verkaf a Versand vu Produiten iwwert den Internet an d'Ophiewe vun der Méiglechkeet, fir Produiten, déi aus Drëttstaten importéiert ginn an deenen hire Wäert manner wéi 22 Euro ass, vun der TVA ze befreien.

Well de Gesetzesprojet just déi Dispositionen vun der éischter Echeance, dat heescht, déi op den 1. Januar 2019 a Kraaft trieden, transposéiert, verweisen ech fir den Detail vun den Elementen vun der zweeter Echeance op mäi schrëftleche Rapport.

Wat d'Dispositionen vun der éischter Echeance betrëft, sinn et virun allem zwou Modifikatiounen, déi dës Gesetzesprojet um TVA-Gesetz virhëlt.

Éischtens gëtt d'Méiglechkeet agefouert, dass fir eng Firma, déi déi viséiert TBE-Servicer ubitt an net méi wéi 10.000 Euro Émsaz d'Joer mécht, d'Obligatioun ewechfällt, fir sech am „Mini-guichet unique“ anzeschreien. Dat heescht, dee Moment bezilt se just d'TVA vun deem Land, an deem se sech etabléiert huet.

Zweetens, d'Modalitéite vun der Facturatioun am „Mini-guichet unique“ gi vereinfacht. Während d'Direktiv am Prinzip virgesäit, dass d'Entrepreneuren nach just d'Aart a Weis vun der Facturatioun, wat d'Prestatioun vun de concernéierten Servicer ubelaangt vum Land, an deem se gemellt sinn, mussen respektéieren, gëtt et fir Lëtzebuerg eng Derogatioun. Well et aktuell zu Lëtzebuerg keng Verpflichtung gëtt, eng Rechnung fir d'„Business to consumer“-Transaktiounen ausstellen, mussen an Zukunft Firmen, déi zu Lëtzebuerg am „Mini-guichet unique“ registréiert sinn, och keng Rechnung méi fir hir Operatiounen an aneren EU-Statene ausstellen.

Här President, de Gesetzesprojet, iwwert dee mer elo hei ofstëmmen, ass den 21. Februar 2018 vum Finanzminister deposéiert ginn. De Statsrot huet a sengem Avis vum 8. Mee recommandéiert, verschidden Elementer nach méi präzis ze formuléieren, mä dovun ofgesinn, huet déi héich Kierperschaft awer gréng Luucht gi fir dës Gesetzesprojet.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hunn hiren Avis zu dësem Projet de loi den 8. respektiv de 17. Mee ofginn. An de schrëftleche Rapport ass dann an der Finanzkommissioun vum leschte 26. Juni ugehall ginn.

Dëst gesot, géif ech lech alleguerter Merci soe fir d'Nolauschteren. An ech ginn heimat dann och den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Gesetzestext.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Mosar huet d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci fir d'Alleréischte der exzellenter Rapportrice, der Madamm Elvinger, déi e ganz gudden schrëftlechen a mëndlechen Rapport hei gemaach huet, déi och am Detail erkläert huet, wat fir eng Erliichterungen dës Projet de loi mat sech bréngt. Duerfir begreisse mir och dës Projet. An ech kann och heimadder den Accord vu menger Fraktioun ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Bodry huet d'Wuert.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, ech ka mech eigentlech deene Wieder do uschlëssen. Ech mengen, et ass e relativ technesche Projet, mä et ass e Projet, dee mer korrekt a Lëtzebuerger Rechter hei ëmsetzen. Duerfir wäert och d'sozialistesche Fraktioun deen Text hei stëmmen. An ech profitéieren och vun der Geleeënheet, fir dem Rapporteur Merci ze soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Anzia huet d'Wuert.

► **M. Gérard Anzia** (déi gréng).- Jo, och vun deene Gréngen aus e Merci fir den ausféierlechen a gutt virgedroene mëndlechen a schrëftlechen Rapport, an den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Keng weider Wuertmeldungen? Merci. Dann ass den allgemengen Debat ofgeschloss. An d'Wuert huet den Här Finanzminister, de Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Merci fir d'Ennerstëtzung vun alle Parteien, schéngt et, fir e Projet, deen zwar technesch ass, dat ass richtig. An dat ass och nëmmen een Deel vun der Direktiv, déi hei ëmgesat gëtt an déi den 1. Januar vum Joer 2019 a Kraaft trëtt.

Et ass awer vläicht wichteg, nach eng Kéier drun ze erënneren, dass d'TVAs-Matière ganz wichteg ass a mer natierlech hei erëm zréck-

kommen op e System, dee mer virdrun hate bei der d'TVA, well soss hu mer do ugesidelt, wou den Etablissement vun der Gesellschaft war, dunn ass fir d'Services électroniques en Ennerscheed gemaach ginn 2015, wou mer wëssen, dass dat grouss Konsequenzen hat op d'Recettë vun eisem Budget, well mer do-duerch d'TVA électronique verluer hunn.

An där heiter Direktiv gëtt elo eppes ëmgesat, wat eng Simplification administrative ass fir déi Entrepreneuren, déi manner wéi 10.000 Euro Chiffre d'affaires hunn. Doriwwer kënnen mer eis freeën, dass een do op deen ale System vum Droit d'établissement zréckkënnt als Kritär. An dat ass dat, wat mer hei zréckhalen a ganz séier fir de Lëtzebuerger Droit ëmsetzen. Ech freee mech fir d'Zoustëmmung vun alle Parteien.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Da géif ech lech proposéieren, iwwert de Projet de loi 7249 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7249 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

Majo, da schlësse mer mat Eestëmmegkeet of.

Le projet de loi 7249 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Gilles Roth), Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Claudine Konsbruck), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Marc Spautz), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet (par M. Marc Lies);

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par Mme Claudia Dall'Agnol), M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Taina Bofferding) et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Gérard Anzia), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Sam Tanson);

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

An ech géif lech da just nach froen, ob Der d'Dispens vum zweete Vott frot.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Rendez-vous ass muer de Mëtten um zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 19.30 heures)



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

